N°1048
Entrée le 22.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung op d'parlamentaresch Fro n°1048 vum 22. Juli 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend « défauts constatés dans des logements commercialisés par la SNHBM ».**

1. Sinn d'Problemer am Wunngebai um Kierchbierg mëttlerweil all geléist? Falls nee, firwat net a bis wéini kënnen d'Bewunner mat enger Léisung rechnen?

D'SNHBM huet all Problemer an de betraffenen Residenzen um Kierchbierg behuewen.

Just de Problem mat der Fassade/Balcon'en ass nach net geléist. Obwuel d'SNHBM direkt aktiv ginn ass, konnt bis haut nach keng Eenegung mat der Entreprise déi déi Aarbechten ausgefouert huet fonnt ginn, an d'SNHBM huet duerfir geriichtlech Schrëtt an d'Weeër geleet.

D'Geriicht huet en Expert assermenté chargéiert eng detailléiert Expertise ze maachen. Dës Expertise ass nach net ofgeschloss. De Schued kann eréischt behuewe ginn, wann d'Geriicht sech prononcéiert huet.

2. Wéi vill weider Plainten wéinst Defekter a Gebaier vun der SNHBM an dem Fonds du Logement goufen et vu säiten vun de Besëtzer/Emphyteoten a Locatairen vun ëffentleche Wunnengen tëschent 2022 an 2024?

Wei schonn an der QP 6625 geschriwwen, féiert d'SNHBM keng Statistike vu Plaintë pro Joer.

Am Kader vun de Remise des clés gëtt, wann néideg, eng Lëscht mat Mängel erstallt déi dann zäitno, ënnert der Kontroll vun de Coordinateurs de chantier, ofgeschafft gëtt. Sollten et duerno nach Reklamatioune ginn déi d'SNHBM net zesumme mat de Sous-traitanten gereegelt kritt, ginn déi Fäll bei der Assurance gemellt.

Beim Fonds du Logement ginn d'Ufroe vun de Locatairen, de Proprietären en den Emphyteoten am System erfaasst a verschafft.

Bei de meeschte Fäll handelt et sech em kleng Mängel, déi duerch Benotze vun den zur Verfügung gestalte Wunnengen optrieden oder duerch den Alter vum Gebai ze erkläre sinn.

Bei Mängel un Neibauten, ginn des am Kader vun de gesetzleche Garantie mat de Baufirmae behuewen. Nëmmen an Ausnamefäll kennt et hei zu der Ernennung vun engem Expert an dem Melle vum Schuet un d'Assurance.

Lëtzebuerg, den 22/08/2024.
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch

Tour Alcide de Gasperi
4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale :
L-2916 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84819
Fax (+352) 247-84840

www.gouvernement.lu/mlog
www.logement.lu